

Woier- Fousbann - Gaalgebierg: Der Geschicht op der Spuer

Eng Kap, Gedréngs, e Clipboard, e Bläistëft an eventuell e Kompass oder e GPS mathuelen.

Mir starten an der „Route de Belvaux“, um Ausgang vun Uewerkuer a Richtung Biele. Huet no der Bréck iwwert d’Zuchgleiser de Feldwee a südöstlecher Richtung. (Koordinaten WGS84 N49,513 E005,907)



1) Geschwë kommt dir bei e Feld. Wat gëtt hei ugeplanzt?

- Kabes
- Zoloten
- Muerten

2) Wie schafft op deem Feld?

- D’Gemeng Déifferdeng
- De Bauer vum Scheierhaff zu Zolver
- De Bauer Tempels vun Uewerkuer

Gitt elo weider de Bierg erop bis an déi nächst Rietskéier! (N49,513 E005,911)



3) Kuckt de Panorama op dëser Plaz. Sicht är Schoul!

Wat fir eng dräi “Zeugenberge” gesitt dir vu Westen no Osten?

- Rattem, Zolverknapp, Loetschet, Pakebierg
- Rattem, Zolverknapp, Loetschet, Gaalgebierg
- Rattem, Loetschet, Pakebierg, Zolverknapp



4) Ganz um Horizont (Richtung Norden, 11km Distanz) gesitt dir de grouse Waasser-Reservoir fir de Minett.

Wou läit deen?

- um Kéibierg (bei Eech/Eich oder bei Roudemer/Rodenbourg)
- um Héibierg (bei Wellesteen / Wellenstein)
- um Réibierg (bei Garnech / Garnich)

Gitt weider bis ëm déi nächst schaarf Rietskéier. Duerno huet dir dee nächste géie Wee lénks de biergop (N49,51150 E E005,9142). Op der nächster Kräizung riichtaus iwwert de Mountainbike-Parcours (oppassen!) an da no lénks bis bei d’Aussichtsplattform.

Nach ier dir bei d’Aussichtsplattform kommt, kënnt dir e bësse Fitness maachen!





5) A wat fir enger Gemeng läit d'Aussichtsplattform?

- Gemeng Déifferdeng
- Gemeng Suessem
- net zu Lëtzebuerg, mir si schonn a Frankräich

Gitt de Wee weider a Richtung Nordosten! Beäntwert ënnerwee déi nächst Fro!



6) Wéi gëtt eis Géigend, de Minett, nach genannt?

- das Land der roten Erde / Terres Rouges
- Schwarzwald / Forêt Noire
- Côte du Granit Rose

Sammelt e klengt Stéck Minett mat Eisenoolithen fir an der Schoul ënnert dem Mikroskop ze kucken!



7) E bësse méi wäit kommt dir op dës Plaz.

- Hei goufe fréier d'Buggien mat Minett aus dem Daagebau den Hiwwel erofgelooss.
- Hei goufe fréier d'Buggien mat Minett aus de Grouwen den Hiwwel erofgelooss.
- Hei war fréier e Fräizäitpark mat enger Achterbunn

Huelt de breede Wee a Richtung Südosten!



8) Wat war an dësem Gebai?

- Hei goufen Holzkuele gelagert, déi d'Aarbechter aus dem Holz vum Bësch hiergestallt hunn.
- Hei goufe Kuele gelagert, fir dass d'Aarbechter mëttes hiert Fleesch grille konnten.
- Hei goufe Kuele gelagert fir d'Damplokomotiv a fir d'Schmëdd.

Gitt weider um Wee!



9) Wat gouf an der Schmëdd gemaach?

- Mat engem groussen Hummer hunn d'Aarbechter d'Steng kleng geschloe, bis se an de Buggi gepasst hunn.
- De Schmadd huet Geschir fir d'Aarbechter hiergestallt a Material reparéiert.
- Hei konnten d'Aarbechter a Rou an ënnerdaach iesse, wat se vun doheem matbruecht haten.

10) Wee war de leschte Proprietär vum Daagebau?

- den Här August Thyssen
- CIGL-Sanem a.s.b.l.
- d'Gebridder Poekes

13) Wéivill Eise war an deene Minett-Steng?

- +- 20%
- +- 30%
- 100%

11) Wéi eng Minett-Schichte goufen ofgebaut?

- déi rout, déi gro an déi schwaarz
- déi rout, déi giel an déi gring
- déi rout, déi gro an déi brong

14) Wou gouf d'Minett zu Eise geschmolz?

- ARCELOR-MITTAL zu Déifferdeng
- Schmelz zu Lasauvage
- ARBED Esch, HADIR Déifferdeng, BURBACH-Schmelz

Ënnerwee fir op déi nächst Plaz ass erëm Zäit fir e bësse Fitness!



15) Ween trainéiert hei?

- D'Hënn vum Bielezer Hondclub
- D'Sportler vum Bielezer Bouschéiss-Club
- D'Beamte vun der Bielezer Police

16) Wat ass dat fir e Bauwierk?

- en alt Haus, deem säin Daach feelt.
- eng Erënnung un de Gaalge, wou déi Veruerteelt fréier um Gaalgebierg opgehaang goufen
- e Konschtwierk, wou de Kënschtler en Zonk mat pickegem Drot duerstellt



Fotorallye – Op der Sich no Spueren aus vergaangenen Zäite weisen iech Fotoen de Wee zeréck bei d'Schoul

Op deene nächsten zwou Säite fannt dir Fotoen vun enger aler Seelebunn a vun enger Gasleitung. Sicht déi genau Plaz a Wierklechkeet um Wee fir zeréck bei d'Schoul an drot d'Nummer op der Kaart an.

D'Seelebunn gouf 1906 gebaut an huet bis 1980 Minett vun Ottange (F) iwwert Rëmeleng, Esch a Bieles bis op Déifferdeng bruecht, 5000t pro Dag, iwwert eng Distanz vun 12,7km.

D'Gasleitung gouf 1979 gebaut an huet Gas vun den Héichiewen iwwert 5km vun Esch-Belval op Déifferdeng bruecht, wou mat engem grouse Motor Stroum hiergestallt gouf. No 1998 ass déi Gasleitung ofgerappt ginn.



1) an de 1980er Joren (Photo Robert Rabiller)



2) Seelebunn viru 1910 (Coll. Erny Hilgert)



3) 1998 (Photo C. Rohner)



4) 1998 (Photo C. Rohner)



5) 1966, Schutzbréck iwwert d'Zuchstreck
(Archives communales de Sanem)



6) 1984 gëtt d'Bréck iwwert d'Woierstrooss ofgerappt
(Photo Luciano Pagliarini)



7) 1979, Bréck iwwert d'Rue du Funiculaire
(Photo Fred Bisenius)




8) Am Abrëll 1984 gëtt d'Bréck iwwert d'Rue du Funiculaire
ofgerappt. (Photo Luciano Pagliarini)



9) no 1998 gëtt och d'Gasleitung ofgerappt
(Coll. Norbert Kaell)

Fotoen Nr. 1,2,5,6,7, 8 a 9 aus dem Buch "D'Seelebunn"
vum Luciano Pagliarini, erausgi vun der Gemeng
Suessem & Editions USINA



Zeréck an der Schoul: Dir kënt nach méi Spueren op Kaarte fannen!


1) Vill Stroossennimm erënneren un d'Zäit vun der Eisenindustrie. Fannt der e
puer!

2) A ville Stroosse vun de Quartieren Fousbann a Woiwer fannt dir Haiser, an
deene fréier d'Aarbechter gewunnt hunn.

Op www.geoportail.lu kënt dir al Kaarte vu 1907 u kucken an erausfannen,
wéi sech déi Quartieren mat der Zäit verännert hunn.

Wéini goufen d'Haiser aus denger Strooss gebaut?





<https://opentopomap.org/>
Moosstaf 1:10000